LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7205 vum Här Deputéierte Fred Keup iwwert d'Accessibilitéitsgesetz vum 7 Januar 2022.**

Am Accessibilitéitsgesetz vum 7. Januar 2022 ass am Artikel 12 (*Art.12 Aide financière*) virgesinn dat e Proprietaire vun engem bestoende Gebai eng finanziell Ënnerstëtzung ufroe kann. Dës Ënnerstëtzung gëllt fir Propriétairen déi hire bestoenden ëffentlech zougänglechen Uert konform zum Accessibilitéitsgesetz ëmbauen.

Bis zou 50%, mat engem Plaffong vu 24.000€ hTVA, si virgesi fir Demanden déi wärend den éischte 5 Joer vum Gesetz ugefrot ginn a wou d'Aarbechten innerhalb den éischten 8 Joer vum Gesetz ofgeschloss ginn. Dës zäitlech Begrenzung soll eng zousätzlech Motivatioun si fir déi imposéiert Aarbechte virum Delai vum 1. Januar 2032 (10 Joer no der Publikatioun vum Gesetz) ze maachen.

Virum Akraafttriede vum Gesetz, den 1. Juli 2023, ginn eng Réi Depliante souwéi en Internetsite dem Grand Public zur Verfügung gestallt. Zousätzlech besteet schonns haut d'Méiglechkeet fir déi Betraffe mat Info-Handicap sou ewéi ADAPTH Asbl Kontakt opzehuele fir generell Informatiounen oder eng technesch Berodung ze kréien.

Lëtzebuerg, den 24.11.2022

D' Ministesch fir Famill an Integratioun

(s.) Corinne Cahen